PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30/09/2024

Här President,

Sou wéi den Artikel 81 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës dringend parlamentaresch Fro un d'Ministere fir den Interieur & Kommunikatioun & Medien weiderzeleeden.

Mat grousser Suerg hunn ech vun der neier Versioun vum EU-Gesetzesprojet iwwer d'Sich no verdächtegem Inhalt an alle private Messagen a Chats (sougenannte Chat-Kontroll oder Reglement iwwer sexuell Mëssbrauch vu Kanner) gewuer ginn. Dëse Projet kéint zu enger massiver Aschränkung vun der digitaler Privatsphär an Europa féieren, genee sou wéi zum *de facto* Enn vu Messenger-Déngschter wéi Whats-App, Signal, Messenger, Threema, ….

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi eng Positioun huet d'Lëtzebuerger Regierung zu dëser neier Propose?
2. Wéi wäert Lëtzebuerg bei der Positionéierung vun den EU-Regierungen, déi fir den 23. September virgesinn ass, ofstëmmen?
3. Wéi wäert sech de Lëtzebuerger Vertrieder bei der Sëtzung vun den EU-Inneministeren den 10. Oktober positionéieren?
4. Wéi schätzt d'Regierung d'Auswierkunge vun dësem Gesetzesprojet op d'Privatsphär vun de Lëtzebuerger Bierger an?
5. Wéi gedenkt d'Regierung d'Recht op privat Kommunikatioun an d'Recht op Verschlësselung ze schützen, falls dëst Reglement ugeholl gëtt?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten